



Ee Compte-Rendu « Bass du Mega »

Vum Gespréich vun der Madame Hetto mat de Schüler am Fieldgen, den 6.3.2012

Di 11. Editioun vun Mega on Tour huet eis an D'Ecole Privée Fieldgen gefouert wou Mme Hetto-Gaasch ganz härzlech vun der Schwëster Danièle Faltz empfang gouf.

Gudd 70 Schülerinnen vu verschiddenen 12ièmen an 1ère, hu sech op eng ugeregten Diskussioun matt der Madame Hetto gefreet.

Schwëster Danièle huet kuerz erlääuert dass Sie iwwezeegt ass, dass Meedercher sech besser an hieere Fähegkeeten entfale kënnen, wa sie ënnert sech Meedercher sinn, an net ënnert dem Drock stinn an deene verschiddenen Bereicher vläch besser müssen ze sinn ewéi d'Jongen.

D'Meedercher sollen sech bewusst ginn, dass och si "mega" sin.



Dorobbs hin huet Sie d'Wuert weider ginn un d'Madame Hetto-Gaasch, die als éischt kuerz iwwert d'Schaafung vun enger Ulaflaatz fir Männer geschwat huet, dee sougenannten "Männerbüro". Och de Männer kann et no enger Scheedung schlecht goen wa sie op eemol hir Kanner net méi all Dag ëm sech hun, a sech durch d'Scheidung psychesch net gudd fillen.

Diskussioun huet mat enger Präsentatioun vum Chancegläichheitsministère (MEGA) ugefaangen. Zu deene verschiddenen Aarbechtsberäicher vum Ministère de l'Egalité des chances gehéieren folgend Voletën: **Schoul an Beruff, Politik a Gesellschaft a Famill a Soziales.**

D'Mme Ministesch huet ënnerstrach, dass si et ganz positiv fënnt, dass Meedercher an der Ecole Privée Fieldgen gefördert gin, an si

geif sech wënschen et géifen méi Meedercher sech och fir technesch Beruffer interesséieren.

Si huet op den Girls' Days Boys' Days vum 26.04.2012 higewisen, wou Schüler a Schülerinnen a verschiddenen Entrepen een éischten Androck vun deenen eenzelne Beruffer kënnen kréien.

Mme Hetto huet explizéiert, dass et an Zoukunft eng Quotereegelung kéint ginn, dei d'Entrepen obligéieren eng bestëmmten Unzuel vu Fraen an den Verwaltungsrot ze huelen.

59% vun den Uni-Diplomer zu Letzebuerg sin u Fraen verdeelt gin, mee dacks bleiwe Fraen spéider eng Zeit laang doheem, fir sech ëm d'Erzéiung vun de Kanner an ëm den Haushalt ze këmmere. Entretemps hun mir awer och zu Lëtzebuerg ee Succès ze verzechnen an 26% vun all de Männer huelen och hiere Congé parental.

D'Bestriewen vum Ministère wäer och fir Beruff a Familljeliewen esou gudd wei méiglech ze verbannen, eng gudd Léisung wäer z.B. dass de Mann zu 75% schafft an d'Fra och, esou kéinten sech béid Partner ëm d'Kannererzeiung an Haushalt këmmere a genuch Zäit matt der Famill verbréngen.

D'Mentalitéit vun de Leit muss einfach changéieren.



Et ass och bewisen dass Männer a Fraën sech an den Betriber ganz gudd ergänzen an hiren Iddien, an dass d'Produktivitéit an den Emsatz gesteigert ginn a Firmen, déi eng besser Mixitéit opweise kënnen.

Fir d'Gläichheet an de Betriber z'ënnerstëtzen, gëtt et eng ganz gudd Initiativ vum MEGA nämlech "d'Actions Positives" wou eng Enquête de satisfaction ënnert de Mataarbechter gemaach gëtt, fir ze kucken ob si sech z.b vum Salaire hier gerecht behandelt fillen vis à vis vun hire Kollegen, mat wat fir engen Konditiounen sie am Betrieb zefridden sin a mat wat net.

D'Betriber dei participéiert haten, waren iwwerzeegt, dass dës Enquête hinne weidergeholfen huet, fir dass hir Mataarbechter méi zefridde waren.

Et ginn Initiativen vun den Entreprises geholl, wei z.b. d'Schafung vun enger Crèche d'entreprise oder d'Aféierung vum Télétravail.

En anert Thema zum Volet Gesellschaft ass d'Prostitutioun an wéi dëst Thema am Ausland géréiert gëtt. Vill Fraen prostituéieren sech einfach fir méi Geld ze verdingen. Dorënner sin och vill Studentinnen déi sech esou hieren Studium



erméiglechen.

Zum Thema Famill a Soziales gehéiert och d'häuslech Gewalt. D'Mme Hetto-Gaasch huet kuerz d'Gesetz am Beräich vun der violence domestique beschriwwen an iwwerdeems erkläert, dass den Auteur vun Gewaltakten aus dem Haus ka verwisen ginn an dat fir 10 Deeg. Während dëser Zäit, huet d'Affer Zäit sech bewusst ze ginn

wei et ka weider goen. Et därf een Gewalt net einfach esou hinn huelen a schon guer net doheem wou een sech eigentlech soll s'cher a gebuergen fillen.

Die meescht Wegweisungen vun doheem geschéien den Week-end an ganz dacks ass Alkohol domat verboten. Den Täter kann sech och hei zu Letzebuerg enger Täterbetreuung ënnerzéien, fir seng Gewaltbereitschaft an de Grëff ze kréien.

D'Schwëster Danièle ass der Iwwerzeegung dass et schon am Kandsalter ufänkt an dass ee Jong méi Selbstvertrauen huet wei e Meedchen.

Eng Schülerin präziseiert och, dass zu Lëtzebuerg nach vill méi muss gemaach gin fir behënnert Léit an dass Lëtzebuerg mat all sengen Institutiounen net onbedingt behënnertegerecht ass.

No deene flotten Diskussiounen mat de Schülerinnen, huet d'Ministesch nach eng Kéier hätzlech merci gesot fir all d'Remarken vun de jonke Meedercher. Mat dese Wieder ass den 11. Mega on Tour zu Enn komm.